

# 175<sup>e</sup> anniversaire Chambre de Commerce

---

**Discours du Vice-Premier ministre, Ministre de l'Économie,  
Étienne Schneider**

Seule la parole prononcée fait foi

**30 septembre 2016**

Altesse royale,

Dir Dammen an dir Hären,

Léif Eiregäscht,

Une fois n'est pas coutume, de Michel Würth huet ganz Recht : d'Geschicht vun der Chambre de Commerce liest sech ewéi e spannenden Wirtschaftsroman. D'Geschicht vun der Chamber ass nämlech graad esou mouvementéiert ewéi de „ passé historique“ vun hire Memberen, an domadder och vun der ganzer lëtzebuenger Economie.

Nëmme wien seng Vergaangenhéet gudd kénnt huet och eng Zukunft. Dofir hëlleft et, fir sech matt e puer Elementer aus de léchten 175 Joer ausernéen ze sätzen, di och haut nach ëmmer, oder soll ech soen, di och haut nées aktuell sinn.

Wi d'Handelskammer gegrennt gouf, hunn hei am Land nemmen 175.000 Leit gelieft.

Eiser Economie huet baal nemmen aus Landwirtschaft bestaenen. Iwerhaapt haaten am Laaf vum 19te Joerhonnert vill Observateuren Lëtzebuerg wéineg Iwerliewenschance ginn. Et huet kaum nach een un eis gegléft.

Nom Traité vu London ass fir d'x-te Kéier een Déel vun eisem Territoire amputéiert ginn. E groussen Déel vun der finanziéller an der intellektueller Elite huet Lëtzebuerg demols de Réck gedréint an huet sech an Direktioun Bélsch duerch d'Bascht gemaach.

An déer Zäit hu ronn 80.000 Lëtzebuenger d'Land an all Himmelsrichtungen verlooss. Vill vun hinne sinn ausgewandert well se net un di industriell Entwécklung oder un eng besser Zukunft gegléft hunn.

A wi wann daat alles net scho genuch Misère gewiirscht wär, hu mer och nach 1890 eist démolegt Herrscherhaus verluer.

An awer hu mer et zesumme färdeg bruecht fir aus Lëtzebuerg eng « never ending success story » ze maachen.

Wa mer nämlech haut zu diene performantsten Economien op der Welt gehéieren, wann ech haut hei virun desem par-terre ka schwätzen, dann ass daat well mer eng formidabel Entwécklung hannert eis hunn.

Di Evolütioun war bis haut just méichlech, well mer emmer eng Qualitéit haaten, nämlech déi vun der Oppenhéet.

**Oppenhéet par rapport zu auslänneschem Kapital:** fir eis vun engem Agrarstaat zu engem heidegen Hi-Tech Standuert z'entwéckelen, war ëmmer op auslännecht Kapital gewisen.

**Oppenhéet par rapport zu auslänneger main d'oeuvre :** vill däitsch Ingénieuren, italiénesch Schmëltz-Ârbechter oder portugiesesch Bauârbëchter hu Lëtzebuerg gehollef opbauen. Haut zéie mer Spézialisten aus der ganzer Welt un.

**Oppenhéet par rapport zu auslännege Betreiber :** de Wuehlstand huet nämlech an de 50er Joren richtig demarréiert wi sech fir d'éicht Good-Year oder mi spéit ugangs de 60er Joren Dupont, di éicht grouss auslänneg Industriebetriebe, hei niddergelooss hunn, notamment aus den USA. Protektionnismus waar ni en Thema zu Lëtzebuerg

**Oppenhéet fir nei Iddi'en:** mir diversifizéieren zanter jehir eis Wirtschaft matt ëmmer neien Aktivitéiten. Mir sinn à la pointe vun den Informatiouns- a

Kommunikationstechnologi'en, der Finanzindustrie, der Logistik, dem Satellitebusiness oder matt eiser Initiative vun de SpaceResources

**Oppenhéet waat Sproochen ugeht** : a kaum engem Land ginn esou vill Sproochen geschwaat wi hei. En Duerschchnitts-Birger zu Letzebuerg schwätzt an der Moyenne 3,6 Sproochen.

**Oppenhéet och an der Politik** : et as Lëtzebuerg ëmmer zegudd komm, datt mir als Land den europäeschen Integratiounsprozess aktiv matt viru gedriwwen a pilotéiert hunn.

Dofir ass eise politege Rôle haut an Europa iwwer-proportionnal grous par rapport zu eiser geografercher Gréisst.

Altesses royales,

Dir Dammen an dir Hären,

Mir sinn den Améint zu Lëtzebuerg zu 576.000. All Joer kommen techt 10 an 12.000 Awunner bäi, dorennen si vill Expert'en a Spezialisten ouni dénen hiren Know-How mer eis als Land net weider entwéckele kennen.

Dess Ouverture d'esprit, verbonnen mam „First mover advantage“, waren di wichtegst Atout'en an der Vergaangenhéet fir d'Prospéritéit vun eisem Land. An et bleiwen och di gréissten Trëmp di mer fir d'Zukunft an der Hand hunn.

An der Retrospektiv vun de léchten 175 Joer relativiseiert sech démno ganz Villes wou mer eis haut driwwer Gedanken maachen ewéi den 1,1 Milliounen-Awunner-Staat a seng Konsequenzen op d'Liewensqualität

Wuesstëm generéll bedeit, datt mer eise Sozialsystem finanziéll ofsécheren, datt d'Prestatiounen net no ënnen müssen ugepasst ginn, oder datt d'Kotisiatiounen müssen gehéicht an domadder der Kompetitivitéit geschued gett.

Et ass awer evident, datt d'Regierung am Intérêt vun den nächste Generatiounen d'Weichen stéllt fir e komplett nohaltege Wuesstem.

Mir plangen daat e.a. am Kader vum Rifkinprozess .

A mir maan daat op eneits an diem Esprit vun Oppenhéet par rapport zu neien Iddi'en, a par rapport zu neie Wirtschaftsmodellén.

Wien esou wäit a senger Geschicht kann zereck kucken wi d'Chambre de Commerce, dien huet och als Institutioun eng Responsabilitéit fir am generéllen Intérêt vun der nationaler Ekonomie ganz wäit no fir an Zukunft ze kucken.

Dofir mache mir als Wirtschaftsministère di Rifkinétude zesumme matt der Chambre de Commerce. Sie ass dée starken a fiabele Partner dien mer brauchen, fir de Wirtschaftsmodell vu muer an iwwermuer aus ze schaffen, an fir dien Businessmodell och hiéno matt Succès an d'Praxis em ze setzen.

Altesses royales,

Dir Dammen an dir Hären,

Als institutionnellen Verrieder vun de Betreiber zu Lëtzebuerg ass d'Chambre de Commerce schon esouwisou zanter Joerzénge eise Partner bei der ekonomescher Weiderentwécklung vum Land a bei der Promotioun vum lëtzebuenger Wirtschaftsstanduert am Ausland.

Dofir soën ech all de fréieren an aktuellé Mataarbechter vun der Chambre de commerce e grouse Merci. Ech wëll awer och all deenen villen Entrepreneuren, Geschäftsleit, Industriellen a soss Dirigant'en vu Betreiber Merci soen fir di Stonnen, di sie hei investieren fir an de verschiddenen Gremien matzeschaffen.

Ech apprécieiren wann sech Leit niewt hirem Beruff och nach fir den Erfolleg vun hirer Beruffsvertréidung engagéieren an op déi Manéier zum Succès vun der Chambre de commerce an esou zum Erfollesch vun der ganzer nationaler Economie bäidroen.

Här Präsident, léiwe Michel,

Ech begréissen et, datt der elo schon d'Jalon'en sétzt fir datt och di nächst 175 Joer vun der Chambre de commerce e Succès ginn. Wéint dem „Spacemining“ als Wirtschaftssecteur vun der Zukunft, géif ech iech elo schon invitéiren, fir déi Festivitéiten fir ären 350ten Anniversaire am Joer 2.191 an énger vun äre Filialen am Weltall ze organiséieren.